Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

Vum Congé pour raisons familiales kënnen all d'Employéen, Independanten a Léierjongen a -meedecher profitéiteren. Et geet bei dëser Fräistellung drëms, fir den Elteren z'erméiglechen, no hirem kranke Kand ze kuken. Den Artikel L.234-51 vum Code de travail präziséiert allerdéngs net, wéi et ëm Persoune steet, déi an enger Aarbechtsmesure vun der ADEM schaffen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann een als Persoun an enger Occupation temporaire indemnisée (OTI) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
2. Kann een als Persoun an enger Contrat d'appui-emploi (CAE) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
3. Kann een als Persoun an enger Contrat d'initiation à l'emploi (CIE) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
4. Kann een als Persoun an enger Stage de professionnalisation (SP) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
5. Kann een als Persoun an enger Contrat de réinsertion-emploi (CRE) vum Congé pour raisons familiales profitéieren?
6. Kann een als Persoun an anere Beschäftegungsmesurë vun der ADEM vum Congé pour raisons familiales profitéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten